DP
DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 30. November 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„Wéinst der onkontrolléierter Reproduktioun a Verbreedung vun de Muffelen an dem doraus entstanene Wëldschued hat d'Madamm Ministesch am Fréijoer 2020 eng administrativ Juegd ugekënnegt fir d'Muffelpopulatioun am Raum Iechternach ze reguléieren.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Ass dës administrativ Juegd ewell ofgehale ginn? Wa jo, wat war d'Resultat vun der Juegd?*
- *Falls net, wat sinn d'Grënn heifir?*
- *Falls se net stattfonnt huet, gëtt et schonn en Datum fir d'Juegd nozehuelen?*
- *Wéi huet d'Muffelpopulatioun zënter Ufank 2020 evoluéiert?*
- *Wéi huet sech de Wëldschued duerch Muffelen zënterhier entwéckelt?*
- *Sinn eventuell och aner Mesuren virgesi fir d'Muffelpopulatioun ze reguléieren?*
- *Op wéi engen anere Plazen am Land gëtt et Muffelen?*

- *Ass et néideg och dës Populatioune méi staark ze reguléieren?“*

Mat déiwem Respekt,

Guy ARENDT
Deputéierten